Fondation

# Chrëschte mam Sahel
# Chrétiens pour le Sahel

CPS

ÉTABLISSEMENT D'UTILITÉ PUBLIQUE

## Investitionen, die ihre Früchte tragen





Photo © : CPS

Don en Confiance Luxembourg

PÉRIODIQUE ÉDITÉ TRIMESTRIELLEMENT I **2024 / 3**

# Edito

www.cps.lu



Säit dem Joer 1984, an deem d'ONG op Initiativ vum Abbé Ferdy Fischer mat puer anere Frënn zesumme gegrënnt gouf, si Chrëschte mam Sahel scho 40 Joer ënnerwee, fir déi äermste vun eise Matmënsche bis an déi entleeënst Dierfer vum Burkina Faso ze begleeden an hinnen déi Ënnerstëtzung ze ginn, déi si brauchen, fir sech selwer aus eegener Kraaft eng besser, méi lieweswäert a mënschewierdeg Existenz opzebauen.

Mat dem Resultat, datt duerch déi vill a villfälteg Projeten, déi mer mat eise Partnerorganisatioune vir Uert an de Beräicher vun der Landwirtschaft, der Bildung, der Waasserversuergung an der Hygiène konzipéiert a realiséiert hunn, mëttlerweil méi wéi 300.000 Mënschen an der Lag sinn, hiert Schicksal selwer an d'Hand ze huelen. An deem Sënn fille mer ons, net zulescht duerch déi gutt bis ganz gutt Bilanz vun eisem mam Ausseministère ofgeschlossene Kaderofkommes iwwer d'Period 2019-2023 bestäerkt, fir weiderhin eis Aktioun am Burkina Faso weiderzeféieren.

Mir ware bis dato an der Lag, all eis Projeten net nëmme reegelméisseg ze suivéieren, mee och esou ëmzesetzen, wéi mer ons dat virgeholl haten, an dat trotz där prekärer a besuergneserreegender Sécherheetssituatioun, wéi mer se säit Joren an dësem Land kennen. Mir wëllen a mussen duerfir weiderhin eis Matmënschen an de ländleche Regiounen ënnerstëtzen, well si et sinn, déi am meeschten ënnert dem Terror vu fanatiséieren Dschihadiste leiden a vun dohier zu deene Mënsche gehéieren, déi wéi keng aner op eis Hëllef an op d'Solidaritéit vun der internationaler Gemeinschaft ugewise sinn.

Duerfir kënne mir Iech alleguer, eise Sympathisanten a Geldgeber, net oft an häerzlech genuch Merci soen, fir déi grouss Generositéit an och d'Vertrauen, dat Dir ons an all deene Jore geschenkt hutt.

Vun dohier ass et eis éischt Pflicht an eis éischt Suerg, Iech alleguer a jidder eenzelnen vun Iech bis an de leschten Detail Rechenschaft ofzeleeën iwwer déi korrekt an zweckméisseg Affektatioun vun deene Gelder, déi Dir eis uvertraut.

Eleng eng rigeréis Kontroll vun eise järlechen Ausgaben un déi vun eis cibléiert Beneficiairen duerch eng extern Prüfungsinstanz wéi och duerch eng objektiv a resultatorientéiert Evaluatioun vun eise Projeten, rechtfertegt dat Vertrauen, dat dir an all deene Joren an ons gesat hutt.

Merci, dass Dir och weiderhin un ons gleeft a bereet sidd, ons Aktioun am Déngscht vun deenen äermste vun eise Matmënsche matzedroen an ze ënnerstëtzen.

**Marc Fischbach**
*Präsident*

www.cps.lu

**CONSEIL D'ADMINISTRATION :**
**Président :** Marc Fischbach • **Vice-président :** Marcel Oberweis • **Secrétaire :** Pascale Fisch-Gend • **Trésorier :** Bernadette Reuter-Wagner • **Membres :** Christine Dahm-Mathonet, Viviane Feltgen, Georges Fischer, Paul Goerens, Angela Lima de Pina, Claude Niedner, Michèle Ourth-Schaffner, Rudy Reuter, Jean-François Tousch.

**EMPLOYÉS**
**Luxembourg :** Coordinateur: Alain Lentz ; Gestionnaire de projets : Brigitte Diederich-Kempeneers ; Responsable collecte de fonds - Sensibilisation/ED : Tom Ernst

**Burkina Faso :** Représentant permanent: Bertran Kam ; Secrétaire : Balkissou Bangagne ; Chauffeur : Abdoulaye Banem ; Gardiens : Clément Sawadogo, Hamado Baguian

**CONTACT**
29, boulevard Dr. Charles Marx, L-2130 Luxembourg • B.P. 2647, L-1026 Luxembourg
Tél : +352 49 05 55 • Fax: +352 49 05 55 44 • Email : ongsahel@pt.lu

**PÉRIODIQUE ÉDITÉ PAR :**
**Fondation Chrëschte mam Sahel - Chrétiens pour le Sahel,** établissement d'utilité publique, registre de commerce G-131, ONG agrée depuis 1986
**Impression :** Print solutions s.à r.l. sur papier recyclé

Si vous ne souhaitez plus recevoir nos périodiques, autres informations ou courriers, veuillez s.v.p. nous informer par téléphone 49 05 55, par courriel privacy@cps.lu ou par courrier à l'adresse suivante B.P. 2647, L-1026 Luxembourg



Foto © : CPS

# Dossier

## Bilanz unsere Projekte 2019-2023

In der ersten Nummer unserer Newsletter dieses Jahres haben wir Ihnen unser neues Rahmenabkommen 2024-2028 vorgestellt, das wir im vergangenen Januar mit dem Minister für Entwicklungszusammenarbeit und humanitäre Angelegenheiten unterzeichnet haben. In dieser Ausgabe möchten wir Ihnen einen Überblick über unsere Arbeit im Zeitraum 2019-2023 vermitteln.

### PROJEKTE

Mit Hilfe unserer lokalen Partnerorganisationen haben wir 6 mono- und multisektorielle Projekte im Westen und im Zentrum von Burkina Faso umgesetzt, wie auf der folgenden Landkarte dargestellt.




Integrierte Entwicklungsprojekte


Projekt zur Rückgewinnung degradierter Flächen

Bildungsprojekt für Waisen und hilfsbedürftige Kinder

Insgesamt waren 48 Dörfer mit mehr als 120.000 Einwohnern Teil dieser Projekte.

### INVESTITIONEN

Im Laufe der vergangenen 5 Jahre wurden mit der Unterstützung des Luxemburger Staates, mit dem Eigenbetrag der Dorfbewohner in Burkina Faso und dank großzügiger Spenden insgesamt 8.583.569,80 € investiert. Die verschiedenen Bereiche sind in nebenstehender Grafik dargestellt. Die Betreuungskosten umfassten unsere ständige Vertretung in Burkina Faso, die jährlichen Finanzprüfungen der Projekte sowie deren externe Evaluierungen, die Dienstreisekosten unserer Mitarbeiter sowie Aktivitäten zur Stärkung der Kapazitäten der Partner vor Ort.




- Lokale Organisationen
- Kleinbäuerliche Landwirtschaft
- Bildung
- Sauberes Wasser, Sanitäreinrichtungen
- Betreuungskosten



Foto © : CPS



# Bilanz unsere Projekte 2019-2023

## RESULTATE

### Lokale Organisationen

Die offiziellen lokalen Organisationen in den Projektdörfern, wie Dorfentwicklungsräte, Verwaltungsausschüsse für Bildungsinfrastrukturen oder Wassernutzerverbände, spielen eine zentrale Rolle bei Planung und Umsetzung der Aktivitäten sowie beim Betrieb und der Instandhaltung der geschaffenen Infrastrukturen. Damit sie ihrer Rolle in vollem Umfang gerecht werden können, wurden 91 lokale Organisationen geschult, zwecks Verbesserung ihrer organisatorischen Fähigkeiten.



Foto: OCADES Banfora

### Kleinbäuerliche Landwirtschaft

Um die Lebensbedingungen der Dorfbewohner zu verbessern, ist die Landwirtschaft eine wichtige Säule. Sie wurde besonders gestützt, um Produktion, Verarbeitung und Verkauf zu verbessern.

| Resultate | Zahl |
|---|---|
| Infrastrukturen (Produktionsstätten, Unterkünfte für Nutztiere) | 351 |
| ha erschlossene Flächen | 1.353,45 |
| Unterstützte Kooperativen | 62 |
| Ausgebildete Produzenten | 6.472 |
| Ausgestattete Produzenten | 4.657 |



Produktionsstätte der Kooperative in Koreba Foto: CPS




Foto: Harouna Marané

### Bildung

| Resultate | Anzahl |
|---|---|
| Infrastrukturen (Klassensäle für Alphabetisierung, Grund- und Sekundarschulen) | 78 |
| Ausgebildete Jugendliche | 251 |
| Teilnehmer Alphabetisierung | 2.414 |

### Sauberes Wasser, Sanitäreinrichtungen

| Resultate | Anzahl |
|---|---|
| Wasserbohrungen | 56 |
| Familien-Latrinen | 746 |
| Sensibilisierte Personen | 50.000 |

Der Zugang zu grundlegenden sozialen Dienstleistungen für arme Bevölkerungsgruppen in ländlichen Gebieten bleibt eine Herausforderung. Wir haben durch mehrere Aktivitäten eingegriffen, um Abhilfe zu schaffen.



Foto ©: Harouna Marané

## SUCCESS STORIES

### Lokale Organisationen

Die Funktionsfähigkeit der Dorfentwicklungsräte ist zwischen 2019 und 2023 von 34% auf 70% gestiegen.

### Kleinbäuerliche Landwirtschaft

*„Vor der Unterstützung durch das Projekt betrieb ich Geflügelzucht lediglich in kleinem Umfang. Heute bin ich Mitglied einer eingetragenen Kooperative und ich habe Schulungen zu verbesserter Tierhaltung und im Umgang mit verschiedenen Geflügelkrankheiten durchlaufen. Ich bin wirklich zufrieden, da ich mein Jahreseinkommen deutlich verbessern konnte, mit positiven Auswirkungen für meine ganze Familie"*, Yao Boureima, Sekretär der Kooperative für Geflügelzucht in Moussoumourou.



*Foto: OCADES Banfora*


### Bildung

*„Die Fertigstellung der Sekundarschule war eine große Erleichterung für die Bevölkerung und die Lehrkräfte in Yéguéré. Die Infrastruktur und vor allem die Stromversorgung haben die Lernbedingungen verbessert, denn ohne sie wäre der Unterricht unter sehr schlechten Bedingungen in Strohhütten abgehalten worden"*, Issa Traoré, Lehrer in Yéguéré.



*Foto: OCADES Bobo Dioulasso*

### Sauberes Wasser Sanitäreinrichtungen




### Resultate der abschließenden externen Evaluierung

| Bewertungskriterium der OCDE (1 = niedrig: 5 = hoch) | Durchschnittswert |
|---|---|
| Relevanz (Berücksichtigung der Bedürfnisse vor Ort) | 4,33 |
| Kohärenz (Kompatibilität mit anderen Interventionen) | 4,66 |
| Effektivität (Erreichen der Ziele) | 3,83 |
| Effizienz (sparsamer Einsatz der Ressourcen) | 4,16 |
| Impact (Beitrag zur ländlichen Entwicklung in Burkina Faso) | 3,50 |
| Nachhaltigkeit (Dauerhaftigkeit der Wirkungen nach Projektende) | 3,33 |

Die Bewertungen liegen zwischen gut und sehr gut, mit Ausnahme der Bewertung für Nachhaltigkeit, die aber immer noch zufriedenstellend ist. Letztere ist vor allem auf die unzureichende Funktionsfähigkeit einiger Kooperativen und die schwierige Sicherheitslage in verschiedenen Gegenden zurückzuführen. Entsprechende Lehren wurden für das neue Rahmenabkommen gezogen.

Le bilan de l'accord-cadre 2019-2023 est généralement positif. Au total, 8.583.569,80 € ont pu être investis. Dans leur large majorité, les résultats dans les secteurs du renforcement des capacités des organisations locales, de l'agriculture familiale, de l'éducation, de l'eau et de l'assainissement ont pu être atteints. Des changements positifs attribuables aux différentes interventions ont pu être observés et l'évaluation finale, réalisée par des experts externes, était concluante.

## Sensibiliséierung zu Lëtzebuerg

# Eis Offer un Ateliere fir Jonker

Aktuell bitt eis Fondatioun 4 verschidden Ateliere fir Jonker, notamment Lycée-Schüler.innen, un. Bei all Atelier läit de Schwéierpunkt op engem anerem Thema:

### Développement rural au Burkina Faso

ass een Atelier vun 2 Stonnen, wou haaptsächlech d'Liewenskonditiounen am Burkina Faso thematiséiert ginn a wéi een zur Verbesserung vun de Conditioune bäidroe kann iwwert de Wee vun der Entwécklungszesummenaarbecht.



Foto: CPS

### Fantastic Food

animéiere mir zesumme mat 3 aneren ONGen. Zu dësem Atelier gehéiert en theoreteschen Deel vu 4 Stonnen, wou mir haaptsächlech iwwer Iessgewunnechten an d'Konsequenzen dovun op d'Leit am globale Süden informéieren. Unhand vun Diskussiounen a Spiller iwwer Liewensmëttelverschwendung, Liewensmëttel-Hierkonft a nohalteg Landwirtschaft wëlle mir déi Jonk inspiréieren, fir méi responsabel Konsumenten ze ginn. De prakteschen Deel vu 4 Stonne besteet aus enger Visitt vum « Escher Geméisguart », wou déi Jonk praktesch Erfarunge kenne maachen. Dat geet vum Séinen iwwert d'Eranhuelen an d'Verschaffe vun der Recolte. Dëst soll deene Jonke weisen, dass een och mat lokalen a saisonale Produite lecker Menue kache kann.

### OWODOF (Our World, Our Dignity, Our Future)

mat enger Dauer vu 4 Stonnen, animéiere mir zesumme mat 7 aneren ONGen. Dësen Atelier hëlleft ze verstoen, wéi d'Ëmsetzung vun der Agenda 2030 zu engem méi mënschewierdege Liewe fir jiddweree bäidroe kann. No der Intro ginn d'Schüler.innen a méi kléng Gruppen agedeelt fir un 1-2 Atelieren iwwer spezifesch Nohaltegkeetsziler méi gewuer ze ginn. Um Enn vun dësen Ateliere kënnt jiddwereen nees zesummen an da geet et drëms all zesummen no realisteschen Iddien a Léisungen ze sichen, unhand vun deenen een als Individuum, awer och als Klass, zu enger méi nohalteger Zukunft bäidroe kann.

### Comprendre la mondialisation

animéiere mir zesumme mat enger anerer ONG. Dësen Atelier huet eng Dauer vun 2 Stonnen. D'Haaptthema ass d'Globaliséierung an hier Vir- an Nodeeler. An deem Kontext gëtt zum Beispill den Afloss op de Klima an op d'Landwirtschaft thematiséiert. D'Zil vun dësem Atelier ass et och, déi Jonk iwwer d'Konsequenze vun hirem Konsum ze sensibiliséieren.

**Falls Dir am edukative Beräich schafft an Interesse un engem vun den Atelieren hutt, kënnt Dir Iech gäre per Mail (tom.ernst@cps.lu) oder per Telefon um 490555-21 renseignéieren. Mat der Dauer vun den Atelieren si mir och flexibel a passen dëst un är Disponibilitéiten un.**

# Evaluation formative

Am August hu mir eng *Evaluation formative* mat « La Parrêsia asbl » ugefaange mam Zil, den Impakt vun eise Sensibiliséierungs-Aktivitéiten z'erhéijen an och besser moossen ze kënnen. Dëse Prozess hëlleft eis, eis Aarbecht besser ze analyséieren an eis Ateliere fortlafend ze verbesseren. D'Zil fir eis Sensibiliséierungsaarbecht an der Zukunft ass et, mat de Participante méi déif an d'Themen anzedauchen, soudass d'Chance och méi grouss ass, si zu enger Verännerung ze beweegen oder dass si souguer selwer Multiplicateur ginn.


Foto : Romain Fisch

## Grouss Gebuertsdagsfeier - 40 Joer CPS

**Wéini:** 10.12.2024, em 19h

**Wou:** Mierscher Theater
53, Rue Grande-Duchesse Charlotte
L-7520 Miersch

**Programm:** Concert vum BEBEY PRINCE
BISSONGO 4TET
mat uschléissender Receptioun


**Umeldung:** bis den 29.11.2024
iwwert ongsahel@pt.lu oder 49 05 55

**Fräien Entrée**

**Mir freeën eis op lech!**

News

SAVE THE DATE



# Collecte de fonds

Votre engagement est une condition préalable pour notre travail. Sans votre soutien, notre Fondation n'aurait pas les moyens pour financer tous les projets en faveur de la population rurale au Burkina Faso et au Sénégal.
Le cofinancement de l'Etat permet de multiplier vos dons par 5.


Photo : OCADES Dédougou

## Financer 136 plants servant au reboisement pour 150 €

Notamment des essences locales et fruitières sont plantées. Le reboisement est essentiel pour lutter contre le changement climatique et garantir des ressources pour les générations futures.


Photo : OCADES Banfora

## Construire une latrine familiale pour 100 €

L'utilisation de latrines réduit l'impact négatif sur l'environnement et aide à améliorer l'hygiène.


Photo : Ahmed Ouoba

## Contribuer à l'acquisition de manuels scolaires pour le primaire pour 40 €

Afin que l'école primaire puisse jouer son rôle de catalyseur du développement, nos projets contribuent à ce qu'il y ait des infrastructures scolaires bien équipées en matériel didactique aussi en monde rural.

**Un grand Merci à tous nos donateurs et sponsors :
particuliers, communes, paroisses, écoles, entreprises, associations**


Photo : OCADES Banfora

## CONTRIBUEZ À LA RÉALISATION DE NOS PROJETS

Bien que nos projets soient cofinancés à hauteur de 80 % par le Ministère des Affaires étrangères et européennes, nous avons besoin de votre aide afin de réussir à financer le solde. Chaque don compte. Merci de tout cœur pour votre soutien.

## ORDRE PERMANENT

Nous apprécions beaucoup les dons réguliers par ordre permanent qui sont synonymes de sécurité de planification pour nous et nos partenaires. Nous soutenons à long terme des populations qui ont comme seule préoccupation de sortir de la pauvreté de leur propre initiative. Sur un court message de votre part, nous acquittons tous vos dons d'une année ensemble et vous recevrez ensuite un reçu fiscal de tous vos dons au début de l'année suivante.

## DÉDUCTIBILITÉ FISCALE

Votre don est fiscalement déductible de l'impôt sur le revenu. Pour être déductible fiscalement en tant que dépenses spéciales, la somme des dons ne peut être ni inférieure à 120 €, ni supérieure à 1.000.000 € et elle ne peut pas dépasser 20 % du total des revenus nets; les montants dépassant ces limites peuvent être reportés sur les deux années d'imposition subséquentes et doivent être indiqués sur une annexe.

**Luxembourg-1**
**Port payé P/S 328**

Payez mobile avec payconiq

Fondation
**Chrëschte mam Sahel**
**Chrétiens pour le Sahel**
CPS

BCEELULL IBAN LU03 0019 2000 0123 5000
BGLLLULL IBAN LU80 0030 8976 1915 0000

CCRALULL IBAN LU84 0099 7800 0028 0271
CCPLLULL IBAN LU12 1111 0560 0031 0000

VIREMENT

Un caractère MAJ USCULE (BLEU ou NOIR) ou signe par case en cas d'écriture manuscrite

Code BIC de la banque du bénéficiaire

EUR ou: EUR

Montant

N° de compte du bénéficiaire

Nom de la banque du bénéficiaire (uniquement si code B IC non indiqué)

Code Pays

Nom et adresse du bénéficiaire

FONDATION CHRËSCHTE MAM SAHEL –
CHRÉTIENS POUR LE SAHEL

Code Pays de résidence

Communication au bénéficiaire

Projets 2024-03

Reporting

N° de compte du donneur d'ordre

Avis de débit

Nom et adresse du donneur d'or dre (Max 4 lignes)

Date d'éxécution souhaitée

Frais à charge (par défaut = P ARTAGÉS)

PARTAGÉS ou Bénéficiaire ou Donneur d'ordre

Date et signature